Miliz Diddeleng enregistré le 16.08.95

à diffuser lundi 11.09.95

avec Jos Benoit

Moderator: Déi leschte Méinden hate mir hei am Studio, den Här a Komerod Emy Thiel

Als Auteur vum Buch "Düdelingen im 2ten Weltkrieg huet hien ~~h~~ iwert déi schicksalsschwéier Deeg fir Diddeleng vum 1te bis den 9te September 1944 erzielt.

Erzielt wéi d'Diddelénger ze fréi déi erwarten Liberatioun gefeiert hun.

Wéi statt den erhofften ~~erwarten~~ Amerikaner néi Preisesch Zaldoten ~~eren~~ zréck op Diddeleng komm sin.

A wéi vill dës SS Verbriecher als Ofschloss vun 4 Joer Ënnerdréckung, Tyrannei Verschléifung a Mierder, zou Diddeleng nach weider Verbriechen ugericht hun: Haiser ugestach, Geisele geholl a Leit erschoss.

An desen Deeg war Diddeleng sech selwer iwerlooss.

Et war keng offiziell Autoritéit do fir Uerdnung ze suergen. De Krich war nach net eriwwer. An der Staat, zou Esch an an aner Uertschaften hun op ~~d~~ Allieiert Militär Kommandoen sech lues a lues em d'Oeffentlech Liewe bekömmert, awer bis op Diddeleng ass ké kom.

Haut bei ais am Studio den Här a Komerod Jos Benoit. De Jos en seit allbekannten a gebuerene Diddelenger, Sekretair vun den enrolés de force Sektioun Diddeleng, Verwalter vum Diddelenger Musée vun den Zwangsrekrutéierten, war bei der Befreiung vun Diddeleng mat derbäi. Ké besser kenne mir also hei fir ons ze erzielen wéi et zu der bekannter Diddelenger Miliz ~~komm~~ a wat hir Missioun war.

Jos wéi war et démols.

Diddeleng a schweizer Zeit
Gembitz / Deutschwalde

Wagner René enregistré le 9.08.95

diffusé 21.08.95

De leschte Méinden hate mir lei am Studio den (Här a Komerod) René Wagner,

Hien ass Joergang 1926

Gouf den 12ten Juli 1944 mat 1200 aner lëtzebuerger Jongen zwangsrekrutéiert.

an gouf an den RAD - Reichsarbeitsdienst -

Mir hun eiwerhicht viruwel (sie) nach am Juli (1944) fort dem Stellungsbefehl Folleg geleescht hun.

D'Alliéiert waren zwar schon de 6te Juni gelant mä no der Besetzung vun der Normandie ass et net méi schnell viruns gangen

All des Jongen hate gehofft no der RAD Zeit neess hem zekommen

Of jiddefall ouni Urlaub ze kréien ass sie an déi däitsch Wehrmacht enrolé ginn.

~~An de Rem huet ons erzielt da wei des Rechnung net opgangen ass.~~

a ~~wei wei d'Reise net ugebraacht hun no der Zeit vum RAD, sie net hém gaen gelossen~~

~~Wat fir Folge waren wei d'Arbechtsdingschtzeit eriwer war~~

Awer des Rechnung ass net opgangen.

Lëtzebuerg gouf an der éischter Halschent vum September 1944 (vun den Preisen) befreit

Awer an Däitschland, ~~war oder~~, un den Ost Fronten ~~waren~~ oder a Gefangelager

wohren nach iwert 5000 Zwangsrekrutéiert. An de Prisongen a KZ hun

noch dausende vu gudde Patrioten gelidden a gestuerwen.

Sie waren all vun der Heemecht ofgeschnidden.

Eso och d'Jongen vun Deutschwalde:

René wé' Joug et virum.

Desh war d'Schécksal vun engem vun dénen 12000 Jongen déi den

12ten an 13ten Juli 1944 zwangsrekrutéiert goufen. Vill ënnert hinnen

~~[illegible]~~ waren d'Zwangsrekrutéiert ondanemiel ge goen. Net vergiessen d'

Gefor a schwéier verwondt

An déi nächst Sendung lossen mir ee Komerod ze Wuert kommen

Gemlitz / Deutschwalde    Wagner René enregistré le 9.08.95
diffusé 14.08.95

Animateur : An de viraus gaangene Sendungen hu mir oft op d'fatalen Verordnung vum 23. Mee 1941 higewiesen.

Heimadde gouf den RAD also Reichsarbeitsdienst fir all männlech a weiblech Awunner vu Lëtzebuerg agefouert déi 17 Joer haten an net méi äl wéi 25 waren.

Mam fatalen Datum vum 30. August ~~gou~~ 1942 gouf d'Wehrpflicht fir d'lëtzebuerger Jongen vun de Joergäng 1920 bis 1924 agefouert.

D'Reaktiounen doriwwer ass bekannt, Et kom Streik — mir hun déi leschte Méindeg méi ausféierlech gezielt — Reaktiounen an der Welt USA

Den 8. Dezember 1943 gouf dunn och, nom Joergank 25, de Joergank 1926 verpflicht sech ~~bei~~ fir d'Wehrmacht ze mellen.

An ~~eiser~~ der Sendung vun haut befasse mir ons mat de Joergang 25 an 26 also 1944 : 18 respektif 19 Joer äl.

Am Februar 1944 waren d'Musterungen vum Joergang 1926 an déi verschidden Datumen an de verschiddenen Uertschaften sin vun der "Kreispolizeibehörde" festgeluecht gin.

Mettwochs den 12ten an Donneschtes den 13ten Juli 1944 gin déi lescht 1.200 jong Lëtzebuerger zwangsrekrutéiert :

Virwat nach fort?
6. Juni Allieiert gelant
zenter Ufanks Juli an der Normandie - net virun
3 Méint RAD - 15 September méi dohéim
feschend RAD à Wehrmacht Urlaub

Et ~~muss~~ kann é sech d'Fro stellen firwat hun des 1200 Jongen sech nach zwangsrekrutéieren gelos

6. Juni d'Allieiert gelant
Zenter Ufanks Juli ~~kom~~ komen d'Allieiert Armeën sech méi oder wenneg virun a stin an der Normandie

3 Méint RAD → 15 September méi doheim
feschend RAD à Wehrmacht Urlaub

an dann ol d'Fro ? wohinner mat desen 1200
Strofen ! Sippenhaft

Haut bei eis am Studio Komerod René Wagner 1926 gebuer !
René wéi war et ?

DNR   M. l'abbé Kemmer   Mie Champagne – Gast Junck – J. Kl –   4.8.95

Erënnere mer drun dass   sera diffusé dimanche soir 10.09.95

Am freie Muerge vum 10 Mee 1940 iwwerfalen d'preisesch Truppen äist Land obschons den Hitler versprach hat, déi lëtzebuergesch Onofhängegkeet an d'Neutralitéit ze respektéieren.

Déi direkt agesate Militärverwaltung, déi dat politescht, ekonomescht an öffentlecht Liewe kontrolléiert gët ~~duerch~~ / scho den 29. Juli 1940 duerch de Gustav Simon, Gauleiter vum Gau Koblenz-Tréier, als "Chef der Zivilverwaltung" fir Lëtzebuerg ersat.

Dem Gauleiter Gustav Simon séng Aufgab war et, Lëtzebuorg „heim ins Reich" ze féieren an d'Lëtzebuerger fir d'Nazi-Doktrin ze gewannen. Trotz „Volksdeutsche Bewegung", kulturell a preisesch weltuschaulech Propaganda-Owender a Manifestatiounen an alle Stied an Dierfer vum Land war awer de Gros vun onsem Vollek nët vun dësem „preisesche Quatsch" ze iwwerzegen, wéi ët ënner gudde Lëtzebuerger deemools geheescht huet.

Wéi d'Lëtzebuerger net positif op des Propaganda reagéiert hun ~~an net~~ refuséiert hun, massiv an d'VdB (also Volksdeutsche Bewegung) ze goen gëtt Drock op si ausgeübt, besonnesch op d'Beamten, a gesot: "Ween net an d'VdB gëtt, verléiert seng Platz

Den 10ten Oktober 1941 versicht de Gauleiter op eng hannerlëschteg Manéier d'Lëtzebuerger eran ze léen. An enger getarnter "Personenstandsaufnahme" sollen sie op 3 Froen: "Staatsangehörigkeit," "Muttersprache" a "Volkszugehörigkeit" mat 3× deutsch äntwerten. Awer d'Lëtzebuerger hate séier d'Fal erkannt an och opgeklärt duerch déi an teschend Zeit ~~ze~~ aktiven Resistenz-organisatiounen, gët 3× lëtzebuergesch geäntwert. Eng Stéchprouf geet dem Gauleiter duer, fir des Aktioun opzeblosen

Rosen iwwer dëse Mësserfolleg gëtt den Drock an d'Schikanerei ëmmer méi gross.

Dësen Drama vun der Zwangsrekrutéierung, deen déi jonk Lëtzebuerger zesumme mat hire Familljе brutal getraff huet, hat alles iwwertraff, wat d'Lëtzebuerger bis dohin ënnert dem preiseschen Okkupant erlieft haten!

Wéi en eenzege grousse Protestkreesch, gedroe vun engem winzegen Hoffnungsschimmer, dach nach déi Naziwalz ophalen ze kënnen, war den Dag drop, den 31. August 1942, de Streik ausgebrach, ouni Rücksiicht op d'Repressalien, déi vum deemols esou mächtegen Eroberer ze erwaarde waren. Brutal hun d'Preise réagéiert mat Standgeriicht a sommären Exekutiounen.

Duerch d'Zwangsrekrutéierung waren zesoen all Lëtzebuerger Familljen direkt oder indirekt betraff. D'Leed, dat dës Mesür vun de Preise geschafen hat, war enorm, an d'Folge waren eng eenzeg Katastroph fir eist Land, a si sin och nach 50 Joer duerno ze spieren.

All lëtzebuerger Jong, deen de "Stellungsbefehl" krut, hat eng schwéier Décisioun ze huelen. Sollt hien sech an der preisesch Armei zwangsrekrutéiere lossen, fir Nazi-Deutschland säi Liewe riskéieren, enger ongerechter Saach dingen, géint déi Alliéiert a géint seng eegen Heemecht an de Krich zéien.
Oder awer sollt hien sech nët stellen, an domadde nët nëmme selwer eng schwéier Strof riskéieren, mee och mat a Kaf huelen, dat seng Familljen ëmgesiddelt géing gin oder Brudder oder Schwester a Prisong a KZ verschleeft.
Well d'Preisen hate séier d'Sippenhaft agefóiert, an d'Elteren verantwortlech gemat, a bestroft wann de Jong déserteiert oder sech net gestallt huet.
Och hun de Gauleiter ëmmer erem deklaréiert datt hien géif dofir suergen dass ké lëtzebuerger Refraktär de Krich géif iwwerliewen.
Trotz all dëm konnte sech ronn 3.000 Jongen der Zwangsverschleefung entzéien.
Mä och 1.138 Familljen goufen ëmgesiddelt an 154 Persounen dovunner hun hir Heemecht net mei erem gesinn.
Dem Gauleiter seng Absicht mat der Afféierung vun der Wehrmacht war also kloer.
Dat ugestriewten Ziel duerch Tatsachen bewiesen.
Et ass drem gaangen d'Jugend vum lëtzebuerger Volleck wat sech net nazifizéiere gelooss huet ze verniichten. Un de Frouen ausbludden ze lossen. D'Familljen